Rapport réunion CdJ 16.6.2025

Présents: Lex Schroeder, Guy Kruchten, Claude Magar, Serge Raach, Dan Wiseler, Romain Engels, Marco Schmitz, Marco Schmit, Suzie Godart
Excusé: Richard Spautz
Invitée: Josianne Conzemius (UC Rodange)

- Adaptation Rapport Réunioun CdJ vum 12.5.2025

De Rapport gët eestëmmeg ugehuel a kann online gesat ginn.

- Rapports de Course

    - Dippech (Claude Magar)

Et waren am ganzen 94 Kanner bei deene verschiddene Coursen, keng besonnësch Virkommnisser. De Claude bemierkt just, dat d'Eltere sech bei der Präisverdeelung immens ondisziplinéiert behuel hun, sou dat een an Zukunft muss driwwer nodenken dee Beräich mat Barrièren ofzetrennen.

    - Perl (Marco Schmitz / Romain Engels)

De Weekend zu Perl war super organiséiert, fir eis Lëtzebuerger war besonnesch d'Teamrennen um Samsdeg eng flott nei Erfahrung. Et wier driwwer nozedenken, daat Konzept och mol bei eis auszeprobéieren. Et ass bedauert gin dass net méi Lëtzebuerger Veräiner hei deelgeholl hun.

    - Déifferdeng (Marco Schmitz)

Déifferdéng war eng ganz nei Course, mee fir eng éischt Organisatioun tipptopp gelongen. Trotz Vakanz ware 71 Kanner an deene verschiddene Kategorien um Start. Duerch d'Wiederkonditiounen (Donnerwieder) war de Start Samschdes Moies per Mail ëm eng Stonn verluecht gin, Merci un de Florian Salzinger, deen dës Matdeelung en Urgence gemat huet, merci och

un d'Kanner an d'Elteren fir d'Akzeptanz vun dëser Decisioun am Sënn vun der Sécherheet.

- Millebaach (Guy Kruchten)

An der Millebaach waren am Ganzen 102 Kanner um Start. Ët gouf bei der éischter Course e Retard duerch Leit, déi nach iwwert d'Streck gelaf sinn, a Problemer beim Opruffen, doduerch huet sech alles no hanne verschuewen. Aus dëser Ursaach, soll den Organisator keng fix Startzeite fir déi nächst Kategorien ugin.
Och bei dëser Course ass de Mangel un Disziplin bei den Elteren negativ opgefall.

- Rodange (Lex Schroeder)

D'Course zu Rodange haat mat en etleche Schwieregkeeten ze kämpfen: nei Organisatioun, speziellt Format, agebaut an eng Randonnée…, daat war alles nët ganz evident a muss fir d'Zukunft iwwerschafft gin.
De Maile vu verschidden Elteren gët Rechnung gedroen, d'Resultat gët no den exakte Kritäre vum Règlement Jeunes ugepasst an esou publizéiert, awer nët an d'Generalklassement opgehuel.
Alles an allem waren awer d'Kanner ganz begeeschtert vun dëser Formule, d'Kommissioun wäert sech zesumme mam Organisator Gedanke maachen, fir Verbesserungen am Sënn vun alle Bedeelegten ze maachen, dat enger nächster Editioun näischt méi am Wee steet.

- Atertdaul (Suzie Godart)

Am Atertdall huet wéi ëmmer d'Organisatioun gud geklappt, ët waren 91 Kanner an alle Kategorien um Start. Et as opgefall, dat scho bei deene klengste Kategorien heiandsdo richteg onfair mat den Ielebéi geschafft gët a Ravitaillement vu bausse gemat gët, wat béides laut Reglement streng verbueden ass. Op der Versammlung mat de Veräiner am September soll de Verantwortléchen nach emol un d'Häerz geluecht gin, d'Kanner an d'Elteren an deem Sënn ze briefen, anerefalls komme mir laanscht effektiv Strofen nët erëm.

- Klassement no Déifferdeng (Guy Kruchten)

Zu Déifferdéng gouf d'Androen an deen neien Excel-sheet (merci Steve Urban a Guy Kruchten) ausprobéiert, an ët huet gud

geklappt. Wann all Veräiner dee System notzen erspuert daat an Zukunft Arbecht a vermeid Feeler beim Oftippen.
Virun der nächster Course as d'Generalklassement (m/f) nom Atertdall färdeg an och d'Scratchklassement fir d'Startopstellung.

- Nächst Coursen

D'Datumer vun den nächste Coursen gin nach emol ugepasst an d'Delegéierten, respektiv Ersatz-Delegéierten konfirméiert. Déi nächst Course ass den 12.7 zu Miersch, do as de Marco Schmitz Delegéierten an de Guy Kruchten Reserve.
D'Course vu Bartréng as op de 25.10 verluecht, wahrscheinlech wiesselen och nach d'Datumer vu Schéffleng an Dippech.

Et gouf proposéiert de Juryberäich (Départ/Arrivée) esou ze organiséieren, dass keen deen näischt do ze sichen huet, en direkten Accès zu dem Areal huet, fir dat déi Persounen, déi vir de Chronometrage zoustänneg sinn, sou wéi och d'Jury hir Aarbechte kënne maachen, ouni dobäi gestéiert ze ginn.

D'Veräiner, an hier Memberen, sollen drun erënnert ginn, dat wann eng offiziell Reklamatioun ze maachen ass, daat just esou ka gemaach gin, wéi et am Reglement festgehalen ass.

- Reglement - Feedback Versammlung mat der Jury (Claude Magar)

De Claude Magar an d'Suzie Godart souzen de 10.6 mat Vertrieder vun der Jury zesummen, fir nach emol gemeinsam iwwert den Draft ze kucken an eventuell Verbesserungen ze maachen.
Am grousse Ganze si mir eis eens, hei e puer wichteg Bemierkungen:

- Jidfer Delegéierte muss d'Formatioun Kids-Jury (liicht ofgespeckte Formatioun juge à l'arrivée) matmaachen.
- Signaleure mussen aus rechtlechen Ursaache groussjähreg sinn
- Start soll nët virun 10 Auer sinn (och nët bei Cyclocross)
- Kategorie bleiwe wéi se sinn (Benjamin 1 an 2 als U11 zesummen ze léen géif zevill e grousse Peloton ginn)
- Sanktioune ginn entspriechend de Paragrafen am FSCL-Reglement ugepasst
- Delegéiereten an op d'mannst 1 Jurymember muss de Kids-Jury Schäin hunn

- Am Flyer soll de Start vun der éischter Course publizéiert ginn, a fir all Course d'Unzuel vun den Tir (+/-)

De Claude wäert d'Reglement an dësem Sënn iwwerschaffen (eventuell nach emol mat chat.gpt vereinfachen) fir dat mir ët Ufank September de Veräiner virstelle kënnen.

- Formulaire fir d'Autorisation parentale (Claude Magar)

De Claude schéckt de Formulaire un d'Sekretariat vun der FSCL fir op dem Site als Download ze publizéieren, da kënnen d'Elteren daat doheem schon ausfëllen an op d'Course matbréngen.
D'Veräiner versuergen déi Autorisatiounen, am Fall vun enger eventueller Reklamatioun.

- Divers
    - Koordinatioun FSCL Sekretariat fir d'Courses (Problematik Feierdeeg) (Guy Kruchten)

Am Fall wou e Feierdag virun enger Course as ët problematësch mat Zäit d'Lëschten ze kréien, duefir wier ët wichteg an deem Fall d'Aschreiwungen dee läschte Schaffdag virum Feiredag zou ze maachen.
De Guy kuckt een Termin beim Florian virun der nächster Versammlung ze kréien.

    - Auslandsstarter (Feedback Lex / Marco)

Mir kruten nach kee Feedback am Fall wou mir signaléiert haten, Auslandstarter ouni Erlabnis sollen awer op alle Fall bestroft gin. De Lex Schroeder freet op alle Fall nach emol no.

Déi Punkten, déi mir aus Zäit grënn nët diskutéiere konnten gin op den OdJ vun der nächster Versammlung gesat.

Dat wieren ënnert anerem :

- E-mail Adress / Accès Server (Guy)
- Fichier unique un d' Verainer schecken iwert FSCL resp ob de Site setzen. (Liste de Départ .Liste des participants , Liste du classement,) (Marco)
- Sponsoring / Budget (Feedback)

- Bestellung blanko Kaderplaken

Eis Invitée Josianne Conzemius as interesséiert méi regelméisseg derbäi ze sin, hire Veräin wäert eng Demande de Cooption un d’Federatioun riichten.

Nächst Versammlung as de 14.7.2025